Question écrite n°3075 - Sujet : Euthanasie clandestine

Auteur(s) : Monsieur Fernand Kartheiser, Député
Destinataire(s) : Madame Lydia Mutsch, Ministre de la Santé
Date limite de réponse à la question : 15-07-2017

Evènement(s) :

Date	Description	Liens
15-06-2017	Dépôt de la question	Document écrit de la question
15-07-2017	Délai de réponse dépassé	
17-07-2017	Réponse écrite de Madame Lydia Mutsch, Ministre de la Santé	Document écrit de la réponse

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
15 JUIN 2017
3075

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Juni 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Rapport 2016 vun där nationaler Kommissioun, déi d'Gesetz vum 16. Mäerz 2009 iwwer d'Euthanasie an d'Bäihëllef zum Selbstmord kontrolléiere soll, gëtt vun 10 Fäll vun Euthanasie geschwat, déi 2016 ënner dëst Gesetz falen. Am Rapport ass eng Statistik, déi vun 10 "déclaréierte" Fäll vun Euthanasie schwätzt.

An der Belsch wor am Mee e Symposium, op deem e Bilan vun hirem Euthanasiegesetz gezu gouf. Do ass festgestallt ginn, datt et an der Belsch vill "*euthanasies clandestines*" gëtt an datt vill Dokteren Euthanasien "*en toute illégalité et impunité*" maachen.

Fir Interpretatiounsdivergenzen ze evitéieren, wollt ech der Madame Gesondheetsminister dës Froe stellen:

1. Besteet de Verdacht am Gesondheetsministère oder och bei där uewe genannter Kommissioun, datt et niewent deenen "déclaréierte Fäll" vun Euthanasie och nach net déclaréiert Fäll hei am Land gëtt?
2. Wat wären d'Konsequenze fir en Dokter, respektiv dat medizinescht Personal, wa si eng net deklaréiert "Euthanasie" géinge praktizéieren oder fir eng aner Persoun, déi baussent de Konditioune vum Gesetz vun 2009 engem anere Mënsch beim Selbstmord géing "hëllefen"?
3. Sinn d'Dokteren an dat medizinescht Personal forcéiert, fir all Verdacht an déi Richtung direkt dem Parquet ze mellen?

Doriwwer eraus stellt sech d'Fro vun der Glafwierdegkeet vun enger Kontrollkommissioun am Beräich vun der Euthanasie, och hei zu Lëtzebuerg.

4. Ass et der Regierung hirer Meenung no am Interessi vun der Objektivitéit wichteg, datt ënner de Memberen vun esou enger Kontrollkommissioun keng Persoune sinn, déi selwer d'Euthanasie praktizéieren oder praktizéiert hunn, respektiv déi op iergend eng Manéier materiell oder aner Virdeeler aus der Euthanasie zéien oder gezunn hunn?

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

5. Ass zu Lëtzebuerg garantéiert, datt keng esou Persounen an der Kontrollkommissioun sinn? Wéi eng Moossnamen hëllt d'Regierung, fir esou eng Eventualitéit auszeschléissen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Maria Mathieu
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.221
Fax : 466.966.210
e-mail : mmathieu@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 15 juin 2017

Objet : Question parlementaire n° 3075 du 15.06.2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 JUIL. 2017

Luxembourg, le 17 juillet 2017

Concerne: Question parlementaire n° 3075 du 15 juin 2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser
Réf. : 81ex4f5f1

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3075 du 15 juin 2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant "Euthanasie clandestine".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

La Ministre de la Santé,

Lydia MUTSCH

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3075 du 15 juin 2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant "Euthanasie clandestine".

D'Euthanasie gëtt zu Lëtzebuerg duerch folgend Gesetz vum 16 März 20019 geregelt: « Loi du 16 mars 2009 sur l'euthanasie et l'assistance au suicide »(Gesetz vun 2009).

Dat Gesetz schaaft eng speziell Kontroll an Evaluatiounskommissioun, déi der Chamber all zwee Joer en Rapport zoukommen léisst iwwert méiglech Problemer oder Mëssstänn bei der Applicatioun vum Gesetz vun 2009, an dobäi och Virschléi maache kann, fir d' Gesetz unzepassen.

Dës Kommissioun huet zënter dem an Kraaft trieden vum Gesetz véier Berichter ofginn an dem si weder op eng "euthanasie clandestine" nach op eventuell Illegalitéiten an der Prozedur bei deenen 52 Euthanasien, déi an der Period 2009-2016 realiséiert goufen, higewisen huet.

Dem Gesondheetsministère sinn och keng Fäll vun "euthanasie clandestine"bekannt an wann et esou Fäll géifen ginn wier et um Parquet esou wéi den penalen Geriichtsbarkeeten, an eventuell dem Collège médical, déi adäquat Sanktioun an/oder disziplinaresch Mesurë géint den Dokter auszeschwätzen.

D'Euthanasiesgesetzgebung ass justement geschafen ginn fir der Stierfhëllef en gesetzlechen Kader ze ginn.

D'Kontroll an Evaluatiounskommissioun examinéiert laut dem Gesetz vun 2009 op all déi legal an prozedural Conditiounen déi am Gesetz vun 2009 opgefouert sinn, fir dass en Dokter eng Euthanasie duerchféieren dierf, respektéiert goufen.

D'Kontroll an Evaluatiounskommissioun ass laut Gesetz vun 2009 vun néng Memberen zesummegesat, déi op Grond vun hirem Wëssen an vun hirer Erfahrung op dem sensibelen Gebitt genannt ginn. Dréi Memberen vun deenen néng sinn Dokteren, an dréi vun hinnen sinn Juristen, woubäi een d'Gesondheetsberufer representéiert an zwee d'Patienten representéieren.

An quasi all den Fäll vun Stierfhëllef, kennt d'Kommissioun iwwerhaapt net den Numm vun dem Dokter den d'Euthanasie duerchgefouert huet well den "volet 1" (den 1. Deel vum Formulaire) wou den Numm an Coordonnéeën vun dem Dokter dran stinn den d' Euthanasie gemeet huet, just dann opgemat gëtt wann d'Kommissioun, laut Artikel 7 vum Gesetz vun 2009, en Zweiwel hätt ob d' Conditiounen an d' Prozedur agehalen goufen.

Wann an esou engem Fall, an nom opmaachen vum Volet 1 vum Euthanasiesformulaire, dann nach d' Majoritéit vun wéinstens siwen Memberen déi an der Kommissioun present mussen sinn, estiméiert, dass d' Gesetz net respektéiert ginn ass; dann saiséiert d'Kommissioun den Parquet an/oder den Collège médical mam ganzen Dossier, den hier am Kader vun deier spezifescher Euthanasie virgeluecht gouf.

D'Kontroll an Evaluatiounskommissioun huet séit hirem Bestoen nach ni missen weder den Parquet nach den Collège médical mat esou enger Suspicioun vun Irregularitéit saiséieren.

Ech wollt awer och nach den honorabelen Deputéierten drop hiweisen, dass hien nach méi Detailer iwwert d'Applikatioun vum Gesetz vun 2009 an den jeeweilegen Berichter vun der Kontroll an Evaluatiounskommissioun, déi um Internet Site « http://www.sante.public.lu » erëm ze fannen sinn, noliesen kann.